



Lëtzebuerg, de 15. November 2021

Commune de Bech
Aux mains de M. Camille KOHN
Enneschtgaass 1
L-6230 Bech

Här/Madamm Buergermeeschter,

den 20. Oktober 2021 gouf an der Chamber iwwert dat éischt Kapitel vun der neier Verfassung ofgestëmmt. Obschonn méi wéi zwee Drëttel vun den Deputéierte mat Jo gestëmmt hunn, muss nom Artikel 114 vun eiser aktueller Verfassung nach eng zweet Kéier iwwert deen Text ofgestëmmt ginn. An der Tëschenzäit huet awer, wéi dat an deem genannte Verfassungsartikel an am Referendumsgesetz vum 4. Februar 2005 och virgesinn ass, en „comité d’initiative“ an engem Bréif un de Staatsminister e Referendum iwwert déi nei Verfassung gefuerdert. Dofir hunn d’Bierger elo d’Méiglechkeet, op de Gemengen hir Ënnerschrëft ënnert dës Fuerderung ze setzen. Wann op d’mannst 25 000 walberechtigt Lëtzebuurger dat maachen, muss d’Regierung e Referendum organiséieren.

D’Referendumsgesetz ass awer extrem rigid, wat d’Méiglechkeet ugeet, fir dës Referendumsinitiative ze ënnerstëtzen. D’Bierger musse sech zu bestëmmten Auerzäiten op d’Gemeng beweegen, fir do hir Ënnerschrëft ze maachen. Leider hu vill Mënschen opgrond vun hiren Aarbechtszäiten, opgrond vu Krankheet, enger Behënnerung oder opgrond vun de Restriktiounen duerch de COVID-Check oder well si am Ausland wunnen, net d’Méiglechkeet, hire Wonsch no engem Referendum mat hirer Ënnerschrëft op der Gemeng auszedrécken. Dofir biede mir lech, dës Mënschen entgéintzekommen. Erlaabt eis, lech dozou e puer Propositionen ze maachen:

- Et kéint een d’Ëffnungszäite vun der Gemeng upassen, fir datt d’Leit scho moies virun der Aarbecht oder owes no der Aarbecht, an och samschdes, ënnerschreiwe kënnen.
- Vill Leit, déi sech e Referendum wënschen, awer aus iergendengem Grond net matkritt hunn, wéi si dës Initiative ënnerstëtze kënnen, wiere frou, wa si am Gemengebuet, um Gemengesite, op de soziale Medien a virun allem op engem Flyer Informatiounen zur Ënnerschrëftesammlung op der Gemeng fanne géifen. Dofir biede mir lech, all Är Bierger beschtméiglech ze informéieren, dëst wa méiglech an den dräi Verwaltungssproochen.

- Fir de Mënsche mat begrenzter Mobilitéit an eelere Leit entgéintzekommen, kéint een e behënnertegerechte Busdéngscht organiséieren, deen d'Leit op d'Gemeng féiert a si och erëm heemféiert.
- Verschidde Leit si vläicht ze schwach oder ze krank, fir iwwerhaupt hir Wunneng oder hiert Alters- oder Ffleegeheim ze verlossen. Fir datt sech dës Leit net am Stach gelooss fillen, wier et sënnvoll, wann e Gemeengefonctionnaire op Ufro bei dës Leit kéint heemgoen, fir datt si do hir Ënnerschrëft maache kënnen.
- De Covid-Check op der Gemeng sollt esou organiséiert sinn, datt et net zu Zäitverloschter kënnt. Am Fall, wou eng Gemeng de Covid-Check virschreift, mussen all Facilitéiten zur Verfügung gestallt ginn, fir et och net geimpfte Leit ze erméiglechen, fir gratis ze ënnerschreiwen. D'Ausübe vun engem demokratesche Recht däerf net duerch finanziell Hürde behënnert ginn.
- D'Gemenge sollten déi Bierger, vun deenen si eventuell wëssen, datt si sech am Ausland ophalen (z.B. Studenten), och kontaktéieren an hinnen esou wäit wéi méiglech administrativ Facilitéite maachen, fir datt och si sech kënnen an d'Lëschten androen.

Mir wiere frou, wann ALL Wieler vun Ärer Gemeng eng reell Chance hätt, d'Referendumsinitiativ, déi e wichtege Bestanddeel vun eiser Demokratie ass, ze ënnerstëtzen.

Fir Är Beméiunge soe mir lech am Virus ee grouse Merci!

Mat frëndleche Gréiss,

Fernand Kartheiser
President vum parlamentaresche Grupp ADR



Jean Schoos
Parteipresident

